PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Wunnengsbau weiderzeleeden.

De 7ten Januar 2022 gouf an der Chamber d'Gesetz fir eenheetlech Krittäre fir een Handicapgerechten Accès zu Gebaier gestëmmt. D'Gesetz trëtt fir nei Gebaier de 7ten August 2023 an Kraaft, bestoend Gebaier hunn 10 Joer Zäit fir konform ze ginn. An dësem Gesetz gi 5 Reglementer opgelëscht (an den Art. 2, 3, 4, 5 an 11), déi sollen Detailer fir ëffentlech a privat Gebaier festhalen an och sollen d'Voie publique méi benotzerfrëndlech fir Persoune mat Handicap maachen. Dës Reglementer si bis elo nach net deposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Datumer soen op deenen dës Reglementer wäerten an de Regierungsrot kommen?
2. U wéi enge Krittären orientéieren sech d'Bauhäre säit dem Januar 2022 vue dass d'Reglementer mat den detailléierte Virgaben nach net virleien?
3. Gesäit d'Ministesch hei net d'Gefor, dass wichteg Zäit verluere geet, an deene Gebaier gebaut ginn, déi da spéitstens an 10 Joer mussen amenagéiert gi fir dem uewe genannte Gesetz z'entspriechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député